N°3115
Entrée le 28.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3115 vum 27. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten André BAULER.**

1. **Wat sinn aus der Siicht vun der Madamm Ministesch déi verschidden Ursaache firwat esou vill Veräiner hir Statuten net konform zum Gesetz konnte setzen? Läit dat eventuell och drun, dass d'Vertrieder vun de Veräiner sech mat deenen digitalen Instrumenter schwéier dinn?**

De Justizministère verfüügt iwwer eenzel Äusserungen, awer net iwwer strukturell Informatiounen, fir sech ganz allgemeng zu deenen Ursaachen ze äusseren.

Et muss awer ënnerstrach ginn, datt souwuel de Luxembourg Business Registers (LBR) wéi och de Ministère, wärend der Iwwergangsperiod, deemno vun 2023 un, hir Efforten an der Begleedung vum Associatiounssecteur, ëmmer weider ausgebaut a gekuckt hu fir op d'Uléies anzegoen.

Den LBR huet säin Helpdesk verstäerkt an eng Rei praktesch Hëllefsmëttel, wéi Erklärungs-Guiden, Erklärungsschemaen an e Modell vu Statuten zur Verfügung gestallt, fir d'Demarchë vun den Associatiounen ze vereinfachen.

Op Säite vum Ministère stinn de Site *myasbl.lu* an d'E-Mail-Adress *asbl-fondations@mj.etat.lu* den Associatiounen zur Verfügung, fir Informatiounen oder Präzisiounen iwwert d'Interpretatioun vum Gesetz respektiv iwwer praktesch Froen ze kréien.

2. **Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt den Zougang zu de digitale Regëster nach weider vereinfacht misst ginn?**

Zënter September 2025 huet den LBR elo en neien Internet Portal a Betrib geholl, mat dem Zil, d'Prozedure fir Entreprisen an Associatiounen ze vereinfachen. D'Navigatioun ass méi intuitiv, an d'Struktur vun de Schrëtt méi däitlech ugewisen.

Fir den Zougang zu sengem digitale Regëster ze vereinfachen, besonnesch fir den Associatiounssecteur, huet den LBR eng Rei Moossnamen ëmgesat. E Begleedungs-Guide fir ASBLen ass liicht zougänglech a gëtt op der Haaptsäit ervirgehuewen.

Wat d'Ännerung vun de Statuten ugeet, ass eng Rubrik mam Titel "Nouvelle loi du 7 août 2023 sur les associations sans but lucratif et les Fondations" verfügbar. Do ginn déi néideg Schrëtt fir d'Konformitéit mat der neier Gesetzgebung kloer, strukturéiert an op eng verständlech Aart a Weis erkläert.

D'Prozedur fir d'Ännerung vun de Statuten ass an dëser Rubrik präzis, liicht verständlech a chronologesch duergestallt, fir d'Associatiounen ze begleeden.

Op der Internetsäit fënnt een och eng ëmfaassend Dokumentatioun, dorënner Modeller fir Statuten an e Modell vum Procès-verbal vun der Generalversammlung, an deem d'Adoptioun vun de Statuten attestéiert gëtt.

Dës Moossnamen ënnersträichen de Wëlle vum LBR, den Zougang zu den Online-Demarchen ze vereinfachen an den Associatiounssecteur esou gutt wéi méiglech bei der Ëmsetzung vun der neier Gesetzgebung ze begleeden.

**3. Gëtt iwwerpréift, ob d'Texter vun den neie Statuten och tatsächlech d'Gesetz vun 2023 respektéieren? Wäerten et do Stéchprouwe ginn?**

Dës Fro gouf an der Äntwert op déi véiert Fro vun der parlamentarescher Fro n° 2911 vum 22. September 2025 beäntwert.

Lëtzebuerg, den 28. November 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue